N°3577
Entrée le 02.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

Rezent Medieberichte vum RTL thematiséieren d'Diskussioun iwwer d'Aféiere vun Unisex-Toiletten an den ëffentlechen Infrastrukturen, besonnesch an de ländleche Lycéeën. An dësem Kontext gëtt an engem oppene Bréif drop higewisen, datt de nationalen Aktiounsplang LGBTIQ+ an déi verbonne Moossname fir Unisex-Toiletten am Summer vum Regierungsrot guttgeheescht goufen.
Et gëtt behaapt, datt dës Decisioun vum ganze Regierungsrot eestëmmeg an ouni Virbehalt ugeholl gouf. Fir d'Kohärenz vun der Regierungsaarbecht an d'Ëmsetze vum nationalen Aktiounsplang ze garantéieren, ass et vu groussem ëffentlechen Interessi, de genaue Prozess an den aktuelle Stand vun dëser Decisioun ze klären.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Gouf den nationale Plang fir d'Férderung vun de Rechter vun LGBTIQ+ Persounen, inklusiv der Propositioun fir Unisex-Toiletten an neie Lycéeën, vum Regierungsrot am Summer 2025 eestëmmeg ugeholl?

2. Goufen an dëser Sëtzung vum Regierungsrot spezifesch Bedenken oder Oppositioune vun eenzelne Ministere géint d'Aféiere vun Unisex-Toiletten an de Lycéeë protokolléiert?

3. Wéi eng konkret Krittäre goufen an dësem Plang definéiert, fir d'Ëmsetze vun dësen Toiletten an den neie Gebaier vum Staat ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
| --- | --- |
| Deputéierten | Deputéierten |

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés